

Commune de Junglinster

Wëllkomm



Nei Waassertaxen

vum 1.1.2027 un



Zesummesetzung vun den eenzelnen Tariffer

Drénkwaasser – Eau ménage

- Den Tarif ass ënnerdeelt an e VARIABLEN an e FIXEN Tarif,
- de variablen Tarif ass den tatsächleche Waasserverbrauch den um Compteur ofgelies gëtt,
- dee fixen Tarif gëtt fir all Compteur verrechent a variéiert jee no Duerchmiesser vum Compteur,
- bei de Wunnhaiser huet de standard Compteur Duerchmiesser 20mm ($\frac{3}{4}$ Zoll).



Drénkwaasser – Eau ménage

- op der Récksäit vun der Rechnung gesitt Dir den Detail esou:

Eau ménage - partie variable - Tva 3 %

Nouvel Indice 65 M3	- Ancien Indice 35 M3
Consommation: 30 M3	P.U.: 3,20 EUR

Eau ménage - partie fixe - Tva 3 %

Quantité: 20 MM	Mois: 3	P.U.: 0,60 EUR
-----------------	---------	----------------

Ofwaasser – Canal ménage

- Den Tarif ass ënnerdeelt an e VARIABLEN an e FIXEN Tarif
- de variablen Tarif ass identesch wéi de Waasserverbrauch, den um Compteur ofgelies gëtt
- de fixen Tarif gëtt un all Wunnunitéit verrechent
- all Stot kritt **2,5 EHM** verrechent
- op der Récksäit vun der Rechnung gesitt Dir den Detail esou:

Canal ménage - partie variable

Consommation: 30 M3

P.U.: 3,20 EUR

Canal ménage - partie fixe

Quantité: 2,5 EHM

Mois: 3

P.U.: 2,00 EUR

EHM = Equivalent Habitant Moyen



Wat bedeit Ehm?

- EHm (Équivalent Habitant moyen) beschreift déi duerchschnëttlech Verschmutzungslaascht, déi eng Persoun pro Dag verursaacht.
- Fir Eefamilljenhaiser an Appartementer gëtt des duerchschnëttlech Joreslaascht zu Lëtzebuerg op **2,5 EHm** festgeluecht.
- Dëst entsprécht der Moyenne vun **2,5 Persoune pro Stot**.

Dës Eenheet gëtt benotzt fir:

- den Ëmweltimpakt vum Ofwaasser ze bewäerten;
- Kläranlagen unzepassen an ze dimensionéieren;
- d'Taxe fir d'Ofwaasserbehandlung gerecht ze berechnen.

Tariffer ab 01.01.2027

Drénkwaasser – eau ménage:

Fix Jorestax: 10,00€ / mm / Joer (+3% TVA)

Variabel Tax no tatsächlech Verbrauch: 4,40€ / m³ (+3% TVA)

Ofwaasser – canal ménage:

Fix Jorestax: 37€ / Ehm / Joer

Variabel Tax no tatsächlech Verbrauch: 4,40€ / m³

Al an nei Tariffer am Verglach:

Fixen Tarif (fir den Uschloss)

	Alen Tarif	Neien Tarif
Drénkwaasser	7,20€ / mm / Joer (+3% TVA)	10,00€ / mm / Joer (+3% TVA)
Ofwaasser	24€ / Ehm / Joer	37€ / Ehm / Joer

Variabelen Tarif (jee no Verbrauch)

	Alen Tarif	Neien Tarif
Drénkwaasser	3,20€ / m ³ (+3% TVA)	4,40€ / m ³ (+3% TVA)
Ofwaasser	3,20€ / m ³	4,40€ / m ³

Verrechnung vun den Taxen

- D'Verrechnung vum Drénk- an Ofwaasser leeft iwwer d'**Quittancement**, zesumme mat de Poubellen.
- Dës Rechnunge ginn **trimesteriell** ausgestallt, Dir kritt also **4 Rechnunge pro Joer**.
- Bei de Residence ginn d'Rechnunge vun den Taxen un de Syndic geschéckt.

Wat mécht dat ab 2027 op der Rechnung aus?

Bei engem Stot (2,5 EHm) mat engem Verbrauch vun 100 m³ pro Joer an 20 mm ($\frac{3}{4}$ Zoll) Compteur :



Détail op der Rechnung (pro Joer) – alen Tarif

Détail de votre facture

			Montant € HTVA
Eau ménage - partie variable - Tva 3 %			320,00
Nouvel Indice 100 M3 - Ancien Indice 0 M3			
Consommation: 100 M3	P.U.: 3,20 EUR		320,00
Eau ménage - partie fixe - Tva 3 %			144,00
Quantité: 20 MM	Mois: 12	P.U.: 0,60 EUR	144,00
Canal ménage - partie variable			320,00
Consommation: 100 M3	P.U.: 3,20 EUR		320,00
Canal ménage - partie fixe			60,00
Quantité: 2,5 EHM	Mois: 12	P.U.: 2,00 EUR	60,00
EHM = Equivalent Habitant Moyen			

Total : 857,92€ (TVAC)

Détail op der Rechnung (pro Joer) – neien Tarif

Détail de votre facture

			Montant € HTVA
Eau ménage - partie variable - Tva 3 %			440,00
Nouvel Indice 100 M3 - Ancien Indice 0 M3			
Consommation: 100 M3	P.U.: 4,40 EUR		440,00
Eau ménage - partie fixe - Tva 3 %			200,00
Quantité: 20 MM	Mois: 12	P.U.: 0,833333 EUR	200,00
Canal ménage - partie variable			440,00
Consommation: 100 M3	P.U.: 4,40 EUR		440,00
Canal ménage - partie fixe			92,50
Quantité: 2,5 EHM	Mois: 12	P.U.: 3,083333 EUR	92,50
EHM = Equivalent Habitant Moyen			

Total : 1.191,70€ (TVAC)

Détail op der Rechnung (Trimester) – alen Tarif

Détail de votre facture

			Montant € HTVA
Eau ménage - partie variable - Tva 3 %			80,00
Nouvel Indice 25 M3 - Ancien Indice 0 M3			
Consommation: 25 M3	P.U.: 3,20 EUR		80,00
Eau ménage - partie fixe - Tva 3 %			36,00
Quantité: 20 MM	Mois: 3	P.U.: 0,60 EUR	36,00
Canal ménage - partie variable			80,00
Consommation: 25 M3	P.U.: 3,20 EUR		80,00
Canal ménage - partie fixe			15,00
Quantité: 2,5 EHM	Mois: 3	P.U.: 2,00 EUR	15,00
EHM = Equivalent Habitant Moyen			

Total : 214,48€ (TVAC)

Détail op der Rechnung (Trimester) – neien Tarif

Détail de votre facture

			Montant € HTVA
Eau ménage - partie variable - Tva 3 %			110,00
Nouvel Indice 25 M3 - Ancien Indice 0 M3			
Consommation: 25 M3	P.U.: 4,40 EUR		110,00
Eau ménage - partie fixe - Tva 3 %			50,00
Quantité: 20 MM	Mois: 3	P.U.: 0,833333 EUR	50,00
Canal ménage - partie variable			110,00
Consommation: 25 M3	P.U.: 4,40 EUR		110,00
Canal ménage - partie fixe			23,12
Quantité: 2,5 EHM	Mois: 3	P.U.: 3,083333 EUR	23,12
EHM = Equivalent Habitant Moyen			

Total : 297,92€ (TVAC)

Äre Waassercompteur mécht och en Ënnerscheed

- Äre Compteur beaflosst wéi de variable Verbrauch vum Drénk- an Ofwaasser bei Iech verrechent gëtt.
- Bei engem **normale** Waassercompteur gitt Dir 1x am Joer ugeschriwwen fir de Stand **selwer ofzeliesen**, an op der Gemeng eran ze ginn.
- An deem Fall kritt Dir bei den éischten **3 Trimesteren eng Avance** fir den Drénk- an Ofwaasserverbrauch verrechent. Des Avancë ginn op Basis vum Verbrauch vum Virjoer erstellt, a si gi vum reelle Verbrauch op der Rechnung vum 4. Trimester ofgezunn.
- Eis **nei** Waassercompteuren **mat Funkmodule** kënnen mir op Distanz ofliesen. An deem Fall gëtt Äre **reelle Verbrauch all Trimester richtig** verrechent.



Déi nei Waassercompteure ginn op Rendez-Vous vun eisem Waasserdéngscht installéiert.

Telefon : 78 72 72-701

Email : compteur_eau@junglinster.lu

Wéi kann ech spueren?

- reparéiert Krinn déi dräpsen an defekt Installatiounen, a kuckt reegelméisseg de Stand vun Ärem Waassercompteur,
- benotzt d'Wäschmaschinn an d'Spullmaschinn nëmme wann se voll sinn, benotzt effizient Apparater,
- installéiert Waasserspuesystemer op Krinn an Duschkäpp,
- maacht de Krunn zou beim Zännwäschen a Raséieren, gitt duschen amplaz ze bueden,
- benotzt Reewaasser fir ze nätzen, wielt eenheemesch Planzen a bewässert moies fréi oder owes spéit,
- drénkt Krunnewaasser amplaz Fläschewaasser, dat gött vill méi bëlleg a verursaacht manner Offall.

Eist Drénkwaasser ass e qualitativ héichwäertegt Liewensmëttel, a gött streng kontrolléiert.

All Dräps zielt!

Fuiten vermeiden a fréi detektéieren

- Kuckt reegelméisseg Äre Waassercompteur a schreift Iech de Stand mam Datum op,
- am beschten ee Moment wou sécher KEE Waasser am Stot gebraucht gëtt, also kee Krunn a keng Maschinn leeft, déi Waasser braucht,
- dee Moment MUSS Är Auer roueg sinn, dat heescht: dat schwaarzt Riedchen op der Auer dréint net,
- wann d'Riedchen dréint obwuel kee Waasser gebraucht gëtt, da leeft iergendwou Waasser fort!
- Ursaache vun de Fuiten: am Gaart, Heizung, Schwimmer déi net richtig zousetzen (Toiletten, Reewaassercircuit...)





Dës Informatiounen kënn Dir um Site vun der Gemeng noliessen (www.junglinster.lu)

Dir fannt se och gréisstendeels an der Infobroschür, déi un all Stot ausgedeelt gouf.

Mir soen Iech e grouse
Merci fir Är Obmierksamkeet.

